E Gespréich mam delegéierte Minister fir d'Economie solidaire, Romain Schneider

# „Modellcharakter an Europa“

Den Abílio Machado huet sech mam Romain Schneider, Landwirtschafts-, Sports- a delegéierte Minister fir d'Solidarwirtschaft, ënnerhalen.



Den delegéierte Minister Romain Schneider

**An de Koalitiounsgespréicher têschent der LSAP an der CSV, aus wat huet de Konsens bestane fir d'Schafung vum „Economie solidaire-Ressort“?**

Romain Schneider: „Dir hutt gesinn, datt meng Partei ee ganze Volet vum Wahlprogramm der Economie solidaire gewidmet huet. Mir hunn op eng Rei vun Erfahrungen zréckgegraff, déi mer aus der Economie an dem soziale Beräich kennen. Dat war den Ophänker, fir wat mer konkret iwwert d'Economie solidaire geschwat hunn.

Ech muss awer och ganz kloer soen, datt de François Biltgen, fréieren Aarbechtsminister, sech an der vergaangener Legislaturperiod mat de Beschäftegungsinitiativen, verbonne mat der Solidarwirtschaft, auserneegesat huet. Et ass him haaptsächlech dorëms gaangen, fir de Beschäftegungsinitiativen, a reng deenen, ee legale Kader ze schafen, wat awer leider bis dato net geschéie konnt.

Wat d'Economie solidaire spezifesch ugeet, si mer eis an Regierung eens, datt dee sozio-ökonomesche Secteur als solchen unerkannt a verstäerkt muss ginn. De Statut fir solidarökonomesch Betriber spillt hei eng wichteg Roll, besonnesch wa mer wëllen aus der Solidarwirtschaft den drëtte Pilier vun eiser Economie man.“

**De Koalitiounsprogramm gesäit Folgendes fir d'Solidarwirtschaft vir: e Statut fir d'Betriber aus der Solidarwirtschaft; e geregelt Finanzement iwwert ee spezifesche Fonds; d'Aktivitéite vun der Solidarwirtschaft reglementéieren. Wéi wëllt Dir virgoen?**

R.S.: „Do betriede mer Neiland, well mer jo, wéi scho gesot, innerhalb vun eiser Economie eng drëtt Komponent unerkennen. D'Economie solidaire soll awer als en Deel vun der ganzer Economie betruecht ginn an net onofhängeg vun de privaten an öffentleche Sekteure fonktionéieren. Also ass et nëmme logesch, datt se am Wirtschaftsministère ënnerbruecht ass.

De Wee wäert sécherlech iwwer Gespréicher um Terrain mat de betraffenen Akteuren féieren. Et geet mir drëms, datt mer zesumme Léisunge fannen a virschloen.

OPE huet en interessant Dokument, am Optrag vum François Biltgen, opgestallt, de Projet AIC ('association d'intérêt collectif'), deen als Basis fir d'Ausschaffe vun enger juristischer Form benotzt wäert ginn.

Et muss och ee Budget gestëmmt ginn, fir d'Aktivitéite vun der Economie solidaire ze ënnerstëtzen.

An ech hu Wëlles, transversal mat anere Ministèren ze schaffen, am Sënn datt och do Budgete fräiginn, fir Aktivitéiten aus der Economie solidaire ze ënnerstëtzen, wéi zum Beispill an der Educatioun, am Environnement an och an der Famill, fir nëmmen déi ze nennen.“

**Wat de Statut ugeet, ass d'Kärfro net éischter „Wéi gëtt solidarwirtschaftlech gehandelt a produzéiert“ an net nëmmen „Wat fir Aktivitéite gehéieren zu der Solidarwirtschaft“?**

R.S.: D'Äntwert op déi Fro ass béidsäiteg. D'Economie solidaire kann net ausschliesslech mat öffentleche Gelder finanzéiert ginn. Mir mussen also an d'Richtung vu Mëschfinanzéierungen öffentlech/privat schaffen, déi transparent sinn. Awer dat bedeit och, datt d'Economie solidaire Recettë produzéiere soll.

Déi nei juristesch Form muss et méiglech maachen, datt d'Solidarwirtschaft kommerziell Einnahmen mat de sougenannte 'valeurs socio-économiques' verbënnt. Sou kënnen d'Betriber aus der Solidarwirtschaft an der Economie matmëschen, wéi zum Beispill bei de Marchés publics.

Iwwert dee Wee kënne mer dann och d'Problematik vun der 'concurrence déloyale' regelen, wéi schon am Kader vum Gesetzestext 5144, andeems et d'Finanzementer fir d'Beschäftigung och fir privat Betriber opmécht.

Am Endeffekt geet et drëms, eng juristesch Form ze fannen, déi souzesoen 'semi-commercielle' wär, andeem se déi 'valeurs socio-économiques' och an hirem Gewënnzweck unerkennt.“

**D'Solidarwirtschaft muss deemno nohalteg implantéiert ginn. Féiert ee vun de Weeër net iwwert eng konsequent Fuerschungspolitik, z.B. iwwert d'Schafung vun engem Centre de recherche fir d'Solidarwirtschaft?**

R.S.: „Wa mer d'Fro vun der Verankerng vun der Solidarwirtschaft stellen, da musse mer och vun de Mëttele schwätzen, déi mer eis musse ginn. Recherche ass sécherlech ee vu deene Mëttelen. Als generellt Zil misst d'Fuerschung sech d'Erhalung an d'Verstäerkung vun der 'cohésion sociale' ginn. Dat geet iwwert nei Weeër a wirtschaftlech Formen, iwwert ee Modell vun der Strukturéierung vun der Solidarwirtschaft, mä och iwwert eng Bildungspolitik fir d'Bierger, wat d'Bedeitung vun der Solidarwirtschaft an der sozialer Kohesioun ugeet.

D'Solidarwirtschaft soll och hiren transversale Charakter verstäerkt kréien.“

**Dir sidd och zoustänneg fir d'Ressorte Sport a Landwirtschaft. Kann de „Know-how“ vun der Solidarwirtschaft déi zwee wichteg Beräicher effizient beaflossen?**

R.S.: Mat Sécherheet. An der Agrikultur iwwert differenzéiert a qualitativ héichwäerteg Produkter. Mais awer och iwwert den Développement rural, wat eng Zesummenaarbecht mat de Gemenge viraussetzt. Eng Rei vu solidarwirtschaftleche Servicer kënnen hei agesat ginn, am Sënn vun enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit.

A selbstverständlech och am Sport, besonnesch iwwert de biergerlechen Encadrement, also de Bénévolat, vu Sportsaktivitéiten.“

**Elo, wou Lëtzebuerg e Ressort Solidarwirtschaft um Niveau vun der Regierung huet, ass dat net eng Chance, fir an deem Beräich eng Virreiderroll ze spillen, besonnesch um Niveau vun der Europäescher Unioun?**

R.S.: „De Fait, datt mer d'Solidarwirtschaft am Economie-Ministère verankert hunn an och en delegéierte Minister ernannt hunn, ass eng immens Unerkennung vun den Akteuren um Terrain, déi sech oft als Bénévolen engagéiert hunn. Well et sinn déi, déi dee Wirtschaftssekteur opgebaut hunn.

Wat den europäesche Niveau ugeet, muss ee soen, datt Lëtzebuerg am Ament dat eenzegt Land ass, wat e ministerielle Programm fir d'Solidarwirtschaft huet. Esou gesinn huet Lëtzebuerg Modellcharakter an Europa. Sécherlech muss dat, wat zu Lëtzebuerg gemaach wäert ginn, an den europäeschen Instanzen a Programmer e Stellewäert kréien. Mir sollen eis net mam aktuelle „Stand der Dinge“ zefridde ginn, mais d'Akteuren vun der Solidarwirtschaft och um europäeschen Niveau ënnerstëtzen. Ech wënsche mir, datt mer séier konkret Resultater a Virschléi opzeweisen hunn, an dofir zielen ech op d'Zesummenaarbecht vun all den Akteuren.“

Dir kënnt di komplett Versioun vun dësem Interview op www.ecosol-online.lu noliesen

## L'OPE fête ses dix ans

Le week-end prochain Objectif Plein Emploi fêtera sur le site de son siège à Schifflange (Moulin Bestgen) son 10e anniversaire. Voici le programme des festivités:

**vendredi 11 septembre**
A partir de 16.00 h.
Concerts:
Blues-Schoul, Black Djembé, La 7e compagnie, Lupo & Friends, Blues Teachers, DJ Carlos aka Tivi & DJ Steve Riot.

**samedi 12 septembre**
A partir de 10.00 h:
Conférence nationale 2009 des acteurs bénévoles du réseau Objectif Plein Emploi: 10 ans d'économie solidaire au Luxembourg, rétrospective et nouveaux défis.
A partir de 12.00 h:
Concert-apéro avec l'Harmonie municipale de Schifflange.
Toute la journée: animations et ateliers interactifs pour tous avec jeux et thèmes interactifs.
Animation musicale avec Blues Gang, Tëtelbierg-Bléiser (Fanfare Niederkorn), Black Djembé, ...
Village de l'économie solidaire avec ASTI, Greenpeace, Ligue HMC, Harmonie municipale Beetebuerg (Quetschekraut, Likör, Drëpp), Boutique du Monde Bettembourg, Den Tauschkrees, Anges d'Afrique, Archipel, Freeflex, Art sur porcelaine, bijoux, tissus et autre artisanat.



Workshops: ateliers de création et de restauration de meubles, tissus patchwork, atelier de tissage, improvisation, atelier de peinture, atelier clowns, conteur, ...
Cuisine du monde, ....
Pour plus d'informations: www.ope.lu

Un échange de jeunes à Wiltz

## Future is up to You(th)

De jeunes européens participent à la construction de l'Europe à travers l'économie solidaire et le développement durable.

INEES organise un échange de jeunes à Wiltz, du 28 septembre au 6 octobre, auquel participeront 20 jeunes (18-25 ans) provenant de la France, la Hongrie, la Turquie et du Luxembourg.

Le week-end dernier les responsables des différentes délégations se sont réunis à l'auberge de jeunesse à Wiltz pour finaliser le contenu du programme d'échange et préparer l'accueil des jeunes participants.

Le thème sur lequel les participants vont travailler pendant sept jours sera l'économie solidaire, le développement durable et les défis environnementaux actuels.

Le but est de sensibiliser la nouvelle génération de l'Europe aux problèmes globaux et de les inciter à prendre des initiatives concrètes pour trouver des solutions.

Le séminaire se terminera le 5 octobre avec une exposition des œuvres réalisées pendant l'échange auxquelles seront associées la population locale et toutes les personnes intéressées.

Il reste encore quelques places. Si vous voulez participer (vous avez entre 18 et 25 ans et comprenez l'anglais), prenez contact avec INEES.

INTERNET www.inees.org

